adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

déi jonk gréng
3, rue du Fossé
L-1536 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Februar 2019

Oppene Bréif

Léif jonk gréng,

elo just hunn ech e Bréif mat enger Entréeskaart fir en Theatersték "Ein Känguru wie du" vun Iech kritt. Et gehéiert sech jo wuel fir e Bréif a fir eng Invitatioun Merci ze soen, wat ech heimadder maachen.

Ech huelen Är Invitatioun awer net un. Artistesch oder kulturell interesséiert mech dat Stéck absolut net, Viruerteeler hunn ech keng, e Känguru sinn ech net, philosophesch an och soss halen ech mech fir opgekläert a mat mengem Häerz a Verstand sinn ech och alt eenegermoossen zefridden. Also investéieren ech meng Zäit léiwer anescht.

Enger Diskussioun wëll ech awer net aus dem Wee goen. Wann Dir Iech also wëllt mat mir ausernee setzen, da kënne mir dat gär maachen.

Déi Sujeten a Froen ëm déi et mir geet, sinn - ënner aneren - dës:

- d'Fréisexualiséierung vun de Kanner,
- de Risiko vun enger eesäiteger Indoktrinéierung vun de Kanner an der Sexualerzéiung,
- eng méi wéi diskutabel Interpretatioun vum Toleranzbegréff,
- déi konkret Bedeitung vun der Fuerderung no "Akzeptanz",
- d'Rechter vun de Kanner, esou wéi si an der Kannerrechtskonventioun festgehale sinn,
- d'Rechter vun den Eltere bei der Erzéiung vun hire Kanner,
- d'Spannungsverhältnes tëschent de Rechter vun den Elteren an dem Educatiounsoptrag vun der ëffentlecher Schoul,
- déi biologesch Wourecht bei Begréffer wéi "Elteren" an domadder och eng credibel, novollzéibar an authentesch Filiatioun vun de Kanner, déi si och kennen,
- d'Ëmdefinéiere vum Bestietnes an d'Schwächung vun der Famill an eiser Gesellschaft,
- déi ëmmer méi staark Emprisë vum Staat op d'Kanner an d'Amësche vum Staat an d'Familljeliewen,
- d'Risike vun der Kommerzialiséierung vum Kand duerch eng PMA (medezinesch assistéiert Procreatioun) oder eng GPA (Leihmutterschaft),

- den Horror vun enger Befruchtung "post mortem" an déi bewosste Produktioun vu Weesekanner,
- d'Suerg ëm de Respekt vun der mënschlecher Psychologie an der Erzéiung,
- d'Aféierung vun engem de facto "Recht op e Kand", wat et a mengen Aen net däerf ginn,
- de Schutz vum Kand och am Kontext vun Diskussiounsthemata, wéi zum Beispill der Transsexualitéit,
- selbstverständlech och de Schutz vum ongebuerene Liewen,

an nach vill aner Sujete méi. D'Reiefolleg, an där ech Iech dës Sujete genannt hunn, spigelt net hir Prioritéit erëm.

Et freet mech ze héieren, datt Dir Iech un der universeller Mënscherechtserklärung an anere politeschen a juristesche Referenztexter wëllt orientéieren. Dat maachen ech och.

Och wann ech de Risiko lafen, Iech elo zudéifst ze schockéieren, setzen ech nach dobäi, datt ech Katholik sinn. An Zäiten, wou dat net esou modern ze si schéngt, suergt e Bekenntnis zum chrëschtleche Glawe jo ëmmer fir skandaliséiert Reaktiounen. Am Fall, wou Dir där sollt entwéckelen, kënnt Dir Iech mengem déifste Matgefill sécher sinn.

Schliisslech wëll ech Iech nach mat op de Wee ginn, datt d'Homosexualitéit als Phänomen mech net weider interesséiert. Wat mech awer staark interesséiert, ass, wann Erwuessener hir Wënsch iwwer d'Interessie vun de Kanner stellen. An ëm d'Verdeedegung vun deene Schwaachen, hei besonnesch de Kanner, geet et mir an engem groussen Deel vu mengem politeschen Engagement.

An der Hoffnung, zu Ärer Opklärung bäigedroen ze hunn, verbleiwen ech

mat beschte Gréiss,

Fernand Kartheiser
Deputéierten